N°2046
Entrée le 21.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2046 vum 7. Mäerz 2025 vum honorabelen Députéierten Dan Hardy zum Sujet "Organisation de "visites exploratoires" (go&see) en Syrie".**

**1)Handelt et sech bei der Ausso vum Här Banneminister ëm eng koordinéiert Approche vunder Regierung oder ëm eng onbeduechte Meenungsäusserung?**

**2)Musse Syrer, déi eng sougenannt "go&see" Rees untrieden, déi fir d'Asylrecht zouständnegVerwaltungen heiriwwer forméieren? Wéi eng zousätzlech Informatiounen, wéi zumBeispill déi genee Daten, d'Manéier vun der Rees asw. sinn an deem Kader matzedeelen?**

**3)Wéi wierkt sech eng "go&see" Rees op den Openthaltsstatus aus? Ginn den Asylstatussouwéi den Usproch op déi domat verbonne materiell an immateriell Sozialleeschtungen,wéi zum Beispill den Openthalt an enger entspriechender Struktur doduerch automateschverwierkt?**

**4)Mussen déi syresch Staatsbierger, déi als Conclusioun vun enger "go&see" Rees decidéieren, hire Liewensmëttelpunkt dauerhaft zu Lëtzebuerg wëllen ze halen, iwwert den normaleWee vum Immigratiounsrecht an den domat verbonnenen, ekonomesche Konditiounen engDemande fir en neien Openthaltstitel stellen? Falls net, firwat net?**

**5)Wéi géifen dës Prozeduren sech op de Status vu Leit auswierken, déi eréischt am Kader vunder Familljenzesummeféierung op Lëtzebuerg komm sinn?**

Den Inneminister huet keng onbeduechte Meenungsäusserung gemaach.

De 5. Mäerz gouf um Conseil „Justice et Affaires intérieures" eng Propositioun vun der polnescher Présidence virgestallt, déi virgesäit dass d'Europäesch Kommissioun e Konzept fir „go & see" Reesen a Syrien ausschafft. D'Regierung ennerstëtzt déi Propositioun. Eng gemeinsam europäesch Approche ass immens wichteg fir dës Reesen.

Heimat handelt et sech ëm d'Signaléiere vun Interessi un esou engem Konzept, dee Reesen zeréck a Syrien, ouni de Statutt ze verléieren, erméigleche soll.

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN